## National Championnat am Sportfëschen vun der éischter Divisioun.

*12.10.2023 Bericht vum Fernand Schmitt*

Leschten Weekend sinn déi lescht 2 Manchën vun eisem Championnat 2023 vun de Senioren gefëscht ginn. Rendezvous haten sech déi 23 Fëscher zu Creutzwald am Frankräich ginn.




Dësen "plan d'eau" ass schonns säit längerer Zäit bei villen Fëscher aus dem Drei-Länner-Eck bekannt. Zuelräich grouss Concoursen ginn och do oft organiséiert. Dee bekanntsten ass do wuel den "Challenge de l' Europe", deen all Joers am Mount Mäi do ausgedroen gëtt, mat der Participatioun vun iwwer 80 Tandem Equippen aus iwwer 5 Natiounen. Iwwer den Responsabelen Jérôme Joswiak, dem ech och hei mol ee groussen Merci well weiderreechen, kréien mer dësen Parcours och ëmmer reservéiert.

Kommen mer dann och direkt zu deenen zwee Deeg Competitioun. D' Wieder ewéi och d' Fësch, hu sech vun hirer beschter Säit gewisen. Resultater vun iwwer 6 kg waren keng Seelenheet, iwwer 7 kg huet ee schonns missen ob d' Wo bréngen, haaptsächlech d' Routa, fir ënner déi éischt an den Secteuren sech ze klasséieren. Dat huet bei ville Fëscher ëm déi 240 bis 270 Fësch ze fänken bedeit. D' Fëscherei huet sech ofgespillt zwëschent den Distanzen vun 7 bis 11,50 Meter.

Een einfach wonnerbaren Parcours, deen och 2024 wäert nees reservéiert ginn, fir 2 Manchën kënnen do auszedroen.

Vun Platz 1 bis 8 konnten sech Fëscher déi no den Manchën vun "Dun-sur-Meuse" a Réimech net all ze vill Punkten haten, sech nach Hoffnung maachen fir ob den Podium ze kommen.

No deenen 2 Manchën huet awer dunn de Jérôme Schmitt sech mat 2 iwwerzeegende Victoiren an senge Secteuren säin éischten nationalen Titel als Champion national 2023 geséchert. Eng staark Virstellung. Mat 14 Punkten stoung hien ob der ieweschter Trap. Zweeten gouf de Marc Weber mat 19 Punkten an déi drëtt Platz war fir den Fernand

Schmitt, mat awer schonns 24 Punkten. Um Podium stoungen domat déi selwecht 3 Fëscher ewéi schonns lescht Joer, mee an enger anerer Reihefolleg.
Weider fir Weltmeeschterschaft déi d' nächst Joer am Norden vun Frankräich an der Uertschaft Béthune ausgedroen gëtt, sinn den Thinnes Mike, Meis Frank an Steffen Mike.



Et war dëst Joer ee flotten Championnat mat sengen albekannten Schwieregkeeten. Den Comité wäert och ewéi all Joer den Wanter iwwer vill Zeit verbréngen fir och een flotten Programm fir 2024 ob Been ze stellen.

Och nach een Merci dem Trainer Jeff Quintus an all deenen Benevollen déi bei den Manchën gehollef hunn.

Als lescht maachen ech den Opruff un all deenen jonken Generatiounen fir sech ze mellen fir nächst Joer, mat un deem flotten Championnat drun deel ze huelen. Et brauch een och keng Angscht ze hunn. Déi mei Eeler ënnert eis hunn kee Probleem hiert Wëssen weider ze ginn. Also" avis aux amateurs", dir sidd wëllkomm.

Fernand Schmitt
Secrétaire
section de compétition

